**Antwort der Redaktion:**

D'*forum*-Redaktioun freet sech natierlech iwwert all Lieserbréif, besonnesch wann en e *forum*-Artikel esou genee ënnert d'Lupp hëlt wéi de Paschtouer Paul Galles dat mécht.

Fir dass awer keng falsch Erwaardungen opkommen, just déi hei Bemierkung: *forum* ass eng Redaktioun, déi aus fräiwëllege Mataarbechter besteet. Déi kënne net ‚déi lieweg Kierch' selwer sichen. Dozou feelen ons einfach d'Mëttelen, mä *forum* ass op, fir där Kierch en Ausdrocksmëttel zur Verfügung ze stellen, wa se dat wëllt.

Et kann ee sech esouguer froen, ob et iwwerhaapt der Press hir Aufgab ka sinn, déi ‚lieweg Kierch' mussen ze sichen, wa se sech net vum selwe weist. Heescht et net an engem vun den Apostelbréiwer: „Un hire Friichte wär Der se erkennen."? Ass dat net dem Christus Säin Optrag? Da geet et awer kaum duer, ‚d'Präsenz vum liewege Christus' a sengem individuelle Liewen erfuer ze hunn. Duerfier muss een och kengesweegs e Contestataire gi sinn. Mä Glawen ouni missionaresch an ouni diakonesch Dimensioun schéngt dach éischter eppes Esoteresches ze si wéi dat, wat de Jesus gepriedegt a virgelieft huet.

**m.p.**